PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 01/09/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kommunikatioun & Medien weiderzeleeden.

An den Handyskontrakter vun der Post fënnt sech ënnert der Ënnerschrëft "Information compte" nieft den Detailer fir d'Facturatioun och d'Fro no der *Insertion annuaire*. Falls dës mat "Jo" beäntwert ass, gëtt de Client der Post d'Erlabnis, seng Handysnummer an säin Numm op *editus.lu* an am Telefonsbuch veröffentlechen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Zënter wéini ass d'Méiglechkeet vun der *Insertion annuaire* an den Telefonskontakter vun der Post festgehalen?
2. Gëtt am Fall, wou ee Client beim Ënnerschreiwe vun engem Kontrakt "Nee" ukräizt, gepréift, ob d'Date vun dëser Persoun am Annuaire festgehale sinn an entspriechend deem néie Kontrakt aus dësem geläscht ginn?
3. Wéi vill Persounen hunn an deene leschte 5 Joer bei der Post ugefrot, fir hier Donnéeën aus dem Annuaire ze läschen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député